

den «L»

vum Lex Roth



(FOTO: TEDDY JAANS)

Vrun enger ganzer Rei Joeren hate mir probéiert, e Virschlag ze maachen, deem dem **Sproochgebrauch an de Geschäfte** e bësse vun deem Krämpes sollt eraushuelen, dat vill Leit an engem Rayon oder bei der Caisse hunn. Et ass jo kee Mäerchen, datt et an de Buttécker eng Majoritéit vu Mataarbechter gëtt, déi kee Lëtzebuergesch schwätzen... ower och vill Lëtzebuergesch schlecht oder kee Franséisch. Firwat dat esou ass, dat ka kéipweis Ursachen hunn. Déi hunn ower net onbedéngt mat eiser Suerg an Aarbecht fir eis Sprooch ze dinn. Mir stellen dat ganz einfach fest, mir jugéieren net hott oder har... mir wëllen hëlfechen, **eng verstänneg Léisung** ouni Spannung, Gestreits, Gerëffels a Verbruetheet ze fannen.

Genee dat hate mir an der Zäit éierlech an ouni deem allermannsten Hannergedanke probéiert: mam Virschlag, datt déi Beschäftegte, déi Lëtzebuergesch genge schwätzen, dat mat enger «Spéngel L» kënnen weisen – wuel verstan 'kënnten', net 'missten' – ... a mir kruten der deemools fir eise gudder Wëll fermer op d'Nues: «Fanatiker, Ausländerhaasser, Nationalisten, Rietsextremer, Xenophoben!!!»... Argumenter, Beweiser, ziviliséiert Diskussioun, konstruktiv Gesprécher, Sträitgespréich um Radio, op der TV? Näischt vun all deem! Nëmme primär topeg a vrun allem primitiv, domm a graff dropgeklappt. Gelungenerweis ower meescht vu bekannte Chaoten, deenen eist Land a seng Leit wurschtegal waren, sinn a bleiwen. Et war dee **klassesche Psychoterror**, wéi en iwregens an allen Diktaturen agesat gouff a gëtt, wou Leit mat enger eegener/anerer Meenung net gelidde sinn. Mir hunn äis natierlech gefrot, ob mir dat Gedäisch a Gepicks néideg hätten... mir haten d'Flemm mat deer Initiativ an hu Gottes Waasser iwuer Gottes Land lafe gelooss. «Si» haten hirt bei äis erreecht... och wa mir de Problem hei an der KLACK nach dacks a regelméisseg op de Leescht geholl hunn.

Dir kënnt iech denken, wéi frou datt mir waren, wéi dann d'ASTI (Association du Soutien aux Travailleurs Immigrés) sech op eemol aktiv a positiv em déi Problematik bekëmmert huet, an zwar mat engem «badge», op deem **«ech schwätzen OCH Lëtzebuergesch»** steet! Psychologesch ass dat vläicht méi reng wéi den einfachen «L». De Fong an d'Suerg sinn ower genee déiselwech... vrun allem ass et d'Resultat, wourop et ukënn. Firwat net eng zolitt a souzoe permanent Reklam-Campagne an allen Organe vun eiser gedréckter an elektronischer Press mateneen organiséieren, fir datt déi Initiativ zerguttst stackt?



Als Member vun der ASTI huet de Schreiwert vun dësen Zeilen déi Spéngel natierlech och geschéckt kritt; d'Freed war grouss an op d'Resultat vun deer **ASTI-Actioun** sinn a bleiwen ech mat ville Leit natierlech gespaant. Leider muss ech feststellen, datt dëst Feierchen net esou brennt, wéi et dat verdéngt hätt. De «badge» ass leider nach net vill dorëmmer ze gesinn... ower um Tel. 43 83 33 / Internet: agence.interculturelle@asti.lu ze kréien. Mir missten äis zesummesetzen, fir ze kucken, wéi mir bei deer flotter Saach, eventuell mat der Geschäftswelt, apaart de 'grandes surfaces', eng Schépp weider kënnen uleeën. Op eis Actioun-Lëtzebuergesch kann een do roueg zielen!

Fir 2007 wënscht de Comité vun der Actioun-Lëtzebuergesch de Membren an de Frënn, hire Famillen an all deenen, déi si gär hunn, datt Allerbescht, Gesondheet an ZeFRIDDENheet!

Wësst dir et?

Et ass net ëmmer richtig, wann ee behaupt, e Wuert wier al a sténg am Sprooch-Musée, **wann een deem Ausdréck net selwer kennt, vläicht och nach ni héieren huet**. Dat gëtt et och an anere Sproochen... ower déi haten an hunn d'Chance, datt se all Dag milliounefach geschriwwen a gedréckt ginn. En aalt Spréchwuert seet ower, dat ee ka léieren, wat een net weess... et muss ee just de gudder Wëll hunn, eppes unzehuelen. Hei dann erëm deer «komescher» Wieder, vun deene plazeweis gesot gëtt, si wiere greezeg an net méi am Gebrauch. Et sinn déi Kéier elauter Adjektiven, déi Zort Wieder, déi enger Sprooch Geroch a Charakter ginn:

äerdeg	bronkeg	schléi	bruckeg	ëmpeg	razeg
haseleg	rëffeg	éimeg	pësegg	liwwereg	omelzeg
broseleg	wënsch	kleesper	treisch	facheg	gaarzeg

Wëllt dir «dees» nach méi? Da sidd dir am Buch **«EISES 100–90–80–50%»** mat ronn 4000 eiser Ausdréck gutt bedéngt; et läit fir 15 € a jidfer éierbarem Bicherbuttek. E Wullkuerf fir e Spill mat/an eiser Sprooch.

de Josy Braun,

ee vun de verdéngschtvolle Laureate vun eiser Sëlwer-Plaquette «Dicks-Rodange-Lentz», huet **elo déi 12. Oplo vun sengem Orthographie-Bichelche fir d'Lëtzebuergesch** erausginn ('eis Sprooch richtig schreiw... bei deer Zuel vun Editiounen ass et jo wierklech net méi néideg, dat Wierk extra ze recommandéieren; dat schwätzt klor fir sech. Gitt einfach an e Bicherbuttek a kaaft et!

Bravo ESCH!

Déi allermannst maachen sech Gedanken driwwer, wou **den Numm vun hirer 100-jäereger Stad** hierkënn. Si gleewen och net méi esou richtig drun, datt hir Uertschaft nach vrum 'Feierwon' (an natierlech der Eisenindustrie) sengerzäit net méi Awunner hat ewéi Beetebuerg, Diddeleng, Déifferdeng oder Schëffleng... si guff «la mauvaise ESCH» genannt, fir si vum historiesch vill méi wibbelegen ESCH-SAUER ze ënnerscheeden.

Intressant ass och dee **keltischen Numm** vun Esch, dee mir ënnert Dosende vu Formen a ganz Westeuropa fannen (Aqua, Aix, Aach asw.), an zwar den Numm vum Waasser, deem wichtigste Liewenselement: «Esk». Dat fanne mir mengentwéigen och am «Äischdall», zu Äischen an nach op ville Plazen hei am Land erëm... ower datt den hl. Willibrord och vun der «Esk», un der englescher Ostküst, aus zu Whitby op d'Schëff gaang ass, fir a Kontinentaleuropa ze kommen, dat ass dach net oninteressant.

An dësem sympatheschen Zesammenhank ass et vläicht erlaabt, ze froen, ob een am Kader vun der Joerhonnertfeier net kënn drun denken, **d'Escher Stroosseschëlter vun deene kromenolegen däitschen Nimm ze botzen**, déi nach dorëmmer geeschteren ('Alzettestrasse', 'Kohlenstrasse' asw.). An deer herrlech fir Chrëschttag gerëschter Uelzechstrooss, eng vun de schéinste vum Land, huet déi 'Deuschtümmelei' gestéiert. Mir soen den Escher Frënn merci fir en «Hoff» an deem Sënn.

■ H.M.

Irlännesch: 23. EU-Sprooch! (Ceterum censeo... 9)

Dir sidd Zeien, datt mir **d'Problematik vun de Sproochen an der EU** hei an de leschten 12 Joer ewell dacks op der Lee haten. Wuel verstan: Mir si géint keng aner Sprooch, well d'Sprooch a jidfer Land en Identitéitselement ass... dat mir respektéieren. D'Lëtzebuergesch och, an zwar net am Sënn vun enger Minoritéitssprooch bannent engem Staat, mä als eng gesetzlech definéiert Staatssprooch! Hei si mer dann erëm beim Gedanken a bei eiser Fuerderung, d'Lëtzebuergesch endlech, aus psychologesche Grënn an eis Constitioun ze setzen... Ceterum censeo!!!

Mir hunn och nach ëmmer gesot, et soll een op deem Gebitt **verstänneg bleiwen**, an eis Sprooch z. B. op europäeschem Plang prinzipiell nëmme fir Texter virgesinn, déi allgemeng fir de 'grand public' gemënt sinn... mä do missten eis Regierung an d'Politiker Klortext schwätzen/schreiwen aplaz bëllegt Séissholz ze raaspelen, vum naasse Waasser a vum wäisse Schnéi ze blimmelen. Eis spezifesch Sproochsituatioun erlaabt äis dach, d'Franséisch, d'Däitsch an esouguer d'Englescht voll mat eran an de Gebrauch ze huelen.

Elo hunn d'Irlänner hir national Lyra da laang genuch gepéngt, fir **d'Gaelescht als EU-Sprooch unerkannt** ze kréien... obschonn héchstens 5 % vun hinnen Iresch schwätzen... all aner Prozent-Behaauptung ass Ligen an historiesch-politesche Knätsch! Gitt emol dohinner, kuckt a lauschtert. Dir kommt erëm a rëselt de Kapp. Basta!

à propos Fändels-Actioun «ech sinn dofir!...»

- datt all déi Diskussiounen iwuer eise Fändel **prinzipiell eng gutt Saach** fir de Symbolgedanken iwuer eis national «Emblemer» solle sinn;
- datt mir bei deer ganzer Affaire **verstänneg** bleiwe sollen;
- datt eise Fändel **net wahl- oder parteipolitesch instrumentaliséiert** gëtt;
- datt mir an eisem Fändel **net nëmmen e Stéck Stofft** gesinn, mat deem ee bei Sportsorganisatiounen wénke geet, egal wéi sympathesch eis Athlete sinn;
- datt de Sënn vun engem Fändel eng **roueg a kompetent Explikatioun** verdéngt;
- datt d'Leit, déi hei haart oder lues doriwuer schwätzen, an eisem Fändel vrun allem e Symbol, **en Zeeche vun eisem eegene Staat an eiser Fräiheet** gesinn;
- datt eise legale Fändel vrun allem eng **Erënnerung u schwéier Zäiten** a Leit bleibt, déi mat Liewen a Gesondheet dofir riichtgestan hunn;
- datt mir eng zerguttstert Fassong fannen, fir **eise Fändel tëscht de 26 anere vun der EU** erëm ze erkennen;
- datt emol jiddereen sech soll froen, ob hien um leschten **Nationalfeierdag an/oder fir den Nationale Commémoratiounsdag (10. Oktober)** e Fändel ausgehang hat;
- datt all déi, déi hott an har fir dës oder déi Fändels-Léisung op Lëschten ënnerschriwwen hunn oder nach wëlles sinn hiren Numm ze maachen, **dëst Joer fir den 23. Juni resp. den 10. Oktober ee vun deenen 2 offizielle Fändelen** eraushänken... dat wieren der jo dann Zéngtausenden! Mol kucken.

■ P.W.

(P.S.: de Schreiwert vun dësem Artikelchen huet néierens ënnerschriwwen, wäert dat och net maachen... an och – wéi ëmmer – eise Fändel op nationale Feierdeeg eraushänken.)

Wie mengt, hie giff kee Fändel, eng Staang dofir oder eng «Ophänk» fir eise Fändel fannen, dee soll emol d'Adressen ënner «drapeaux» am gielen Telefonsbuch kucken... wien dat elo mécht, dee brauch sech kee Kappbrieches méi ze maachen, wann déi 2 Feierdeeg kommen, op déi et ukënn.